ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kommunikatiounsminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg war viru kuerzem d'Zil vun engem informatesche sougenannten „Distributed Denial of Service"-Ugrëff (DDoS). Ech bieden den Här Kommunikatiounsminister ëm zousätzlech Informatiounen zu där Attack, déi jo Regierungs-Internetsiten effektiv blockéiert hat:

1) A Bezuch op d'Efficacitéit vun de Kontermesuren, wat war d'Envergure vun där Attack, an zwar esou wuel wat d'Zuel vun den informateschen Ufroen, déi d'Regierungssite sollten ofwiergen, ugeet, wéi och wat d'Zuel vun de Computer, de Smartphonen an allen Internetmaschinnen ugeet, déi un där Attack bedeelegt waren?
2) Kann een déi Attack op enger Skala vu vergläichbare bekannten Attacken anuerdnen?
3) Hunn eis Sëcherheetssystemer funktionéiert wéi geduecht, par rapport zu der Intensitéit vun der Attack, déi eenzel Experten an der Press als mëttelstaark bezeechent hunn?
4) Wat sinn d'Konsequenze vun där Attack op den Éiergäiz vu Lëtzebuerg, eng modern, leeschtungsfäeg a sécher Informatikinfrastruktur fir Entreprisen a Banke weltwäit ze liwweren?
5) Wäer net och méi Transparenz iwwer d'Ausmoossen an d'Haaptvecteure vun dëser Attack eng Manéier fir den Image-Schued ze limitéieren?
6) Stëmme Presseinformatiounen, datt déi Attack wéinst hirer nach relativ moderater Intensitéit mat adäquate Sécherheetsmesuren hätt kéinte verhënnert ginn?

7) Féiert d'Attack zu engem Ëmdenken an zu neie Moossnamen iwwer d'Moossname vum aktuelle Cyber-Plang eraus, wat déi informatesch Sécherheet vu Lëtzebuerger Staatssiten ugeet an déi elo a Realitéit geteste Préventioun vun Attacken ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten